



Beaufort, de 27. Mäerz 2020

Léif Awunner aus der Gemeng Beaufort,

De Schäfferot seet jidderengem Merci fir déi grouss Disziplin an ermontert jiddereen, och d'Jugend, weiderhin **DOHEEM ZE BLEIWEN**, och wann et schwéier fällt bei dësem schéine Wieder dat mer déi lescht Deeg hunn. E besonnesche **GROUSSE MERCI** geet awer u jiddereen, deen an dëser schwéierer Zäit fir d'Matbierger am Asaz ass. Dat sinn ënner anerem Leit aus dem Gesondheetssecteur, dem Pompjeeswiesen, der Police, dem Einzelhandel (Vendeuren, Caissière, Leit déi Regaler an de Supermarcheeën opfellen, Camionschaufferen, asw.), de Restaurateuren, etc. an nët ze vergiessen eisem Gemengepersonal. D'Gemeng weist sech mat hinne solidaresch an dowéinst lauden zanter dem leschte Freideg all Owend um 20 Auer d'Klacke vun der Beeforter Kierch.

Aktuell Informatiounen an der Gemeng Beaufort gi weiderhin op www.beaufort.lu publizéiert a vereenzelt Neiegkeete ginn et och op der Facebook-Säit vun der Gemeng. Wie kee Facebook huet, dee kann dat op beaufort.lu an der rietser Kolonn ënnert dem virtuelle Raider nokucken. Iwwert de Service [sms2citizen](https://www.sms2citizen.lu) gi weiderhin wichteg Matdeelungen iwwer SMS verschéckt.

Eng kleng Zesummeffaassung aus de leschten Deeg

- Sämtlech Manifestatiounen, Versammlungen an Aktivitéiten an engem Gebai vun der Gemeng oder vun der Gemeng organiséiert sinn ouni Ausnam bis de 15. Mee ofgesot.
- D'Poubelle gi weiderhin eidel gemeet. De Sidec um Fridhaff an de Gréngschnëtt zu Eppelduerf sinn zou an d'Reorganisatioun vum Offall ass bis op Weideres agestallt. Eng Këscht mat bloe Valorlux-Tute steet bei der Entrée vun der Gemeng a kënne gratis ofgeholl ginn.
- De Service "Agence Mobile" vun der Spuerkeess ass agestallt. Clients, déi keen Online Banking hunn, kënne vu gratis "Iwwerweisungsformularen" profitéieren, déi een op der Agence lechternach ënnert der Telefonsnummer 40 15 72 20 bestelle kann. Fir d'vulnérabel an eeler Clientèle, déi sech net déplacéiere kann, gëtt et de Service "Cash@Home". Ënnert der Nummer 4015-1 oder E-Mail sdi@spuerkeess.lu kann ee vu méindes bis freides tésche 7 an 19 Auer Borgeld bestellen.
- Cartes d'identité, déi nom 1. Mäerz oflafen, ginn automatesch verlängert bis d'Kris eriwwer ass an och wann een an eng aner Gemeng plënnert. Des Weidere gi keng Demande méi fir

d'Päss op de Gemengen ugeholl. An dréngende Fäll kann een awer de Bureau des passeports, visas et législations um Telefon 247 88300 (tëschen 13 a 16 Auer) kontaktéieren. D'Chèque-service accueil ginn automatesch verlängert soulaang d'Maison relais zou ass.

- "Livraisons à domicile": D'Gemeng Beaufort organiséiert fir Leit, déi sech net däerfe bis an d'Apdikt déplacéieren, ee Liwwerdéngscht fir dës Artikelen ze besueren. Allerdéngs **NËMMEN AN NOUTFÄLL A MAT ENGER ORDONNANCE MÉDICALE**. Déi betraffe Leit solle sech um Telefon 83 60 45 20 während de Büroszäite mellen.

Weider Servicer fir Leit, déi zum Risikogrupp gehéieren (ënner anerem Leit vun iwwer 65 Joer, Diabetiker, Leit mat enger autoimmun Schwächt oder mat cardio-vaskuläre Krankheeten):

* An Zesummenaarbecht mat der Gemeng gëtt vum Proxy Delhaize ee Service "Livraisons à domicile" ugebueden. Telefon: 28 80 32 83 (Proxy Delhaize).

* Metzlerie Wietor (Fleesch a Charcuterie), Telefon 83 64 851, E-mail: wietor@internet.lu.

* Internet-Plattform corona.letzshop.lu oder Hotline 8002 9292.

* "Forum pour l'emploi" (Bummelbus). Weider Detailer an Informatiounen zu dëser Offer ënner "Livraisons à domicile" op www.beaufort.lu oder Telefon 26 80 35 80.

- De Service "Repas sur roues" funktionéiert weiderhin ouni Aschränkungen a jidderee ka sech am Populatiounsbüro aschreiwe loosse fir vun dësem Service kënnen ze profitéieren.

- Restaurants (fir jiddereen): "Hostellerie de Beaufort" (Mato), Telefon 83 60 46 oder 621 245 990 (take away); "Ristorante Pizzeria Leonardo", Telefon 26 34 05 15 (take away & livraison); "Am Duerf Dillingen" 28 77 82 87 a 691 778 287 (take away).

- D'Gemeng ass zou a mécht nëmmen op Rendez-vous fir Noutfäll op. Eng ganz Partie Saache kann een um Internetsite nokucken. Et muss een dofir net onbedéngt op d'Gemeng goen. Des Weidere gouf d'Nocturne vu mëttwochs annulléiert.

Kontakt (8.30 – 12.00 & 14.00 – 17.00):

Populatiounsbüro: 83 60 45 20

Sekretariat : 83 60 45 26

Etat civil: 83 60 45 23

Recette : 83 60 45 24

Service technique: 83 60 45 29

!!! BLEIFT DOHEEM A GESOND !!!

De Schäfferot

Camille Hoffmann

Jean-Luc Nosbusch

Emile Wies

www.beaufort.lu

www.facebook.com/GemengBeaufort

www.sante.lu

www.gouvernement.lu